MASKéNADA presentéiert:

e roude Fuedem duerch de roude Buedem



# NUETSGEJÄIZ A BËSCHGEPËSPERS

BEETEBUERG-
OBELER BËSCH

E Lauschter-
Trëppeltour am
Obeler Bësch


**VUN ESCH OP DÉIFFERDENG, DUERCH BEETEBUERG, SUESSEM, DIDDELENG A MONNERECH, FÉIERT DE ROUDE FUEDEM EIS NO ESCH2022 & AB MEE 2023 AN DEN OBELER-BËSCH.**

No sou villen Joer ass dëst erëm d'Geleeënheet an där dir lech op d'Juegd begitt. D'Juegd no deem Onbekanntem, dem Duerchdriwwenen, dem Béisen, dem Schlechten. An dofir gräift är Täscheluucht, ären geluerdenen Handy an är Kopfhörer a kommt mat eis op dësen hellegen auditive Kräizzuch! Zesumme maacht dir lech op d'Sich no Gestalten aus Seechen, a verstommte Stëmme vu Fraen aus vergaangene Zäiten. De Parcours kann een am Dag oder an der Nuecht (bis 22h) maachen fir den extra Grujelfaktor ze erlierwen. Dir braucht just am Virfeld d'App „Roude Fuedem" erofzelueden, fir dono d'QR-Coden déi am Bësch verdeelt sinn domadder anzescannen: esou kennt dir op de verschiddene Statiounen den onheemlechste Wiesen begéinen an hier Geschichten héieren.

**APP DOWNLOAD:**

**App name:**
"Roude Fuedem"
**Download:**
Google Play /
App Store

| | |
|---|---|
| **» START & ARRIVÉE:** | **Obeler Bësch-Parking G3VJ+7G, L- 3346** |
| **» ALLER-RETOUR:** | **3 km, ongeféier 2 Stonnen** |
| **» KICK-OFF-EVENT:** | **05.05.2023 \| 17h – 22h*** |
| **» ALTER EMPFEELUNG:** | **Ab 12 Joer** |



*Gratis mee mat Umeldung am hallef Stonnen-Takt.
Nom Kick-Off Event kënnt dir dëse Parcours zu all Moment an den Obeler Bësch entdecke goen. Méi Infoen zu den Lauschter-Stécker vum „E roude Fuedem duerch de roude Buedem": **www.maskenada.lu/lauschterstecker**

**Eng Produktioun vun MASKÉNADA. Mat der Ennerstëtzung vun:**

Gemeng Suessem
obeler fenneng:beetebuerg: hunchereng näerzeng eis gemeng
Le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg Ministère de la Culture
Le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg Ministère de l'Économie Direction générale du tourisme
Visit Luxembourg
Fondation Sommer
Fondation Indépendance by BIL
IVI Visitminett
ellergronn Centre nature et forêt Naturschutzzentrum